Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023









Nathalie Frisch



Sylvie Grotz ép. Zuccoli





















Bon Natal et feliz Ano Novo



Felices Navidades y Ano Nuevo



Buon Natale e felice Anno Nuovo




Blessed Christmas and a peaceful New Year



Joyeux Noël, paix et bonheur pour l'Année Nouvelle



Gesegnete Weihnachten und ein gnadenreiches Neues Jahr



Joer 2022 geet zu Enn, dat neit Joer steet virun der Dier. De Krich an der Ukraine an déi domat verbonnen Energiekris an Inflatioun huet Europa an eist Land voll am Grëff.

Ufanks vum Joer, wéi de Krich ausgebrach ass, huet eis Gemeng och Flüchtlingen opgeholl.

An engem schwieregen Emfeld konnten awer eng ganz Rei Bauprojeten ëmgesat ginn. Mat der neier Schoul a Maison Relais um Houwald am Couvent konnt en neit Gebäi ënnert der Form vun der "circular economy" fäerdeggestallt ginn. Och un der neier Schoul a Maison Relais zu Alzeng konnten d'Aarbechte komplett ofgeschloss ginn.

Am neie Quartier Rothweit II zu Alzeng ass déi nei Residenz "Alloro" mat 16 Appartementer fir d'Locatioun fäerdeg ginn an och 3 verschidde Commercen, mat ënner anerem der Hesper Apdikt, sinn a Betrib gaangen. 52 erschwénglech Wunnenge sinn an dësem Quartier gebaut ginn a konnten am Laf vun dësem Joer och bewunnt ginn.

Den neie Musekssall vun der Harmonie Hesper an d'Raimlechkeete vun der aler Pompjeeskasär zu Hesper blénken an neiem Liicht.

No jorelaanger Gedold ass den Nord-West-Tracé vum "Contournement d'Alzingen" virun e puer Woche lo endlech vum Regierungsrot festgehale ginn.

Iwwer déi lescht 6 Joer si vill Projeten an eiser Gemeng ëmgesat ginn, dëst dank enger exzellenter a kollektiver Zesummenaarbecht mat all de Gemengeservicer.

Nom Motto d'"CSV Hesper am Déngscht vum Bierger", wëlle mir weider un enger liewenswäerter Gemeng Hesper schaffen.

Am Zesummenhalt a mat vill Häerz an Engagement welle mir och an Zukunft um Gelénge vun eiser Gesellschaft bäidroen.

An dësem Sënn wënschen ech eis alleguer eng gutt Zukunft an e gesond a glécklecht Neit Joer 2023.

Chères concitoyennes, chers concitoyens

'année 2022 touche à sa fin, la nouvelle année approche à grands pas.

La guerre en Ukraine et la crise de l'énergie et l'inflation qui y sont liées impactent fortement l'Europe et notre pays.

Au début de l'année, lorsque la guerre a éclaté, notre commune a tout mis en œuvre pour assurer l'accueil de réfugiés.

Malgré ce contexte difficile, bon nombre de projets de construction ont quand même pu être réalisés. Le bâtiment qui abrite la nouvelle école et la maison relais à Howald-Couvent a été construit selon le principe de « l'économie circulaire ». Les travaux de la nouvelle école et de la maison relais à Alzingen ont également pu être entièrement achevés.

Dans le nouveau quartier Rothweit II à Alzingen, la nouvelle résidence « Alloro » regroupant 16 appartements locatifs, la pharmacie « Hesper Apdikt » et deux autres commerces ont pu être finalisés depuis peu. 52 logements abordables, dont la remise des clés a eu lieu au courant de l'année, ont été construits dans ce quartier.

La nouvelle salle de musique de l'"Harmonie Hesper" ainsi que les locaux de l'ancienne caserne de pompiers d'Hesper ont été entièrement rénovés.

Après des années de patience, le tracé nord-ouest du « Contournement d'Alzingen » a finalement été validé par le gouvernement il y a quelques semaines.

Au cours des 6 dernières années, de nombreux projets ont été mis en place dans notre commune, grâce à une excellente collaboration entre tous les services municipaux.

Selon la devise « CSV Hesper au service du citoyen », nous voulons continuer à travailler main dans la main pour rendre la commune de Hesperange la plus attrayante possible.

En y mettant tout notre cœur et notre engagement, nous continuerons de tout mettre en œuvre pour la réussite de notre société.

C'est dans ce sens que je souhaite à nous tous de belles fêtes de fin d'année, une bonne et heureuse année 2023 et surtout une bonne santé.

Marc LIES

Buergermeeschter an Deputéierten / Député-Maire President vun der CSV-Sektioun Hesper / Président du CSV Hesper